N°7526
Entrée le 30.01.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 30.01.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30/01/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Sport weiderzeleeden.**

Am Aktivitéitsrapport vum Sportsministère vun 2021 ass ze liesen, a wéi engem Montant de Staat déi verschidde Sportorganisatiounen a -Federatiounen 2021 ënnerstëtzt huet. Hei komme verschidden Organisatioune besser ewech ewéi anerer.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wat fir finanziell Hëllefen si fir Sportsevenementer 2023, déi fir Sportler a Sportlerinne mat Aschränkungen am In- an Ausland organiséiert ginn, virgesinn? Wat ass zum Beispill un Hëllefen (finanziell oder anerer) fir d'"Special Olympics World Games" zu Berlin virgesinn?

2. D'ALPAPS huet 653 Sportler a Sportlerinne mat Lizenzen, ass awer nëmme mat ronn 19'000€ Budget ënnerstëtzt ginn. Aner Organisatioune wéi de Rugby mat 689 Lizenzen, konnte vu ronn 94'700€ profitéieren. Duerch wat kommen esou grouss Ënnerscheeder?

3. Ass de Minister der Meenung, dass sportlech Organisatiounen, déi Offere fir Leit mat Aschränkungen ubidde, staark genuch ënnerstëtzt ginn?

4. Hänken d'Hëllefen, déi dës Organisatiounen ubidden, vun de sportleche Resultater vun de Sportler a Sportlerinnen of? Wa jo, denkt de Minister net, dass et dat falscht Signal ass, fir hei d'Leeschtunge fir méi wichteg unzegesi wéi de soziale Benefice, deen dës Federatioune bréngen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten